ROTARY CLUB - Esch-sur-Alzette

Passation des pouvoirs du 30 juin 2009

Allocution René FRIEDERICI

Léif Frënn, Dir Dammen, Dir Häre,
Liebe rotarische Freunde aus Merzig-Saarlouis,
Léif rotaresch Visiteuren an Inviteeën,

Elo stinn ech hei virun Iech, dekoréiert mat dem "collier du président" a räich u Verantwortungen iwwert eise Club. Ech ginn awer mat Optimismus un dës Erausfuerderung erun, well ech weess, datt mir (1) en dynamische Comité zur Säit steet, an datt ech (2) zu jidder Zäit op d'aktiv Ënnerstëtzung vun jidfer eenzelnem Frënd kann zeréckgräifen. Anescht wier dës Aufgab, emsou méi an deenen heidegen méi schwieregen Zäiten, souwisou net ze meeschteren.

Haut den Owend wollt ech virun allem **Merci** soen. Ech soen Iech am Viraus Merci fir Äert Vertrauen an Äer aktiv Mathëllef. Ech sinn iwwerzeegt, datt mir zesummen gestärkt duerch di nächst 12 Méint wäerte kommen.

Merci dem Frënd **Alex Klein**, dee mech 1995 an dëse Club geleet huet. Ech hunn den Alex deemools professionnell kennen a schätzen geléiert. Hien war an deenen 90er Joeren nämlech, als Arbechtsmedeziner vun der ARBED, och fir Paul Wurth zoustänneg.

Merci dem Frënd **Paul Hippert**, deen deemools Präsident vum Club war an dee mäin Parrainage iwwerholl huet. Ech wärt de Paul bei der éischter Geleegenheet an de Club invitéieren.

Eng **perséinlech Erfahrung** well ech mat Iech deelen. Wann ech op di éischt Méint als "jonken" Rotarier zeréckkucken, da ginn ech mir erëm bewosst, wéi wichteg d'Integratioun vun deene neien Memberen an de Club ass. Richteg Fouss gefaasst hunn ech selwer eréischt, wéi mir di éischt gréisser gemeinsam Aktiounen gemat hunn. A mengem Fall waren et d'Montgolfièren an d'Muselfeschter, déi mir erlaabt hunn, eenzel Frënn besser kennen a schätzen ze léieren. Ausserdem komme bei dësen Geleegenheeten nach aner perséinlech Aspekter zum Virschäin, ewéi déi, di een bei engem gemeinsamen Mëttegiessen kann verdéiwen. Dofir sinn ech der Meenung, datt dës Aktiounen wichteg fir de Club sinn a säin Zesummenhalt stärken. Gemeinsam Reesen oder Visiten droe ganz bestëmmt zur besserer Integratioun am Club bäi. De Comité soll iwwert di nächst Wochen doriwwer nodenken. Emsou méi, well mir envisagéieren de Club em 3 weider Memberen wuessen ze loossen. Wat d'Ouverture de **classifications** ubelangt, wärt d'Commission d'admission ons entspriechend Virschléi ausschaffen.

Ech soen mengem Virgänger, dem **Frënd Nico**, dofir Merci, datt hie mir d'Lat extrem héich geluet huet. Do brauch ech wirklech massiv Ënnerstëtzung vun Iech alleguerten, fir deenen Defier gerecht ze ginn. Mat dem Frënd Nico, iwwerzeegten Rotarier, Communicateur an Conciliateur par excellence, hunn ech awer och e Frënd am Comité, deem een ka komplett Aufgaben uvertrauen. Ech wärt mir bestëmmt eng entspriechend Missioun afale loossen. Nico, du hues de Club geprägt duerch deng Art a Weis, duerch däi Wiesen, mee virun allem duerch deng exemplaresch Disponibilitéit. Du hues mir de Collier ofginn. Du hues deng Aufgaben mat Bravour erleedegt. Du wars elo während engem Joer eise Präsident, mee du bleiws fir ëmmer en "Past President". Dofir iwwerreechen ech dir elo d'Insigne vum "Past President", déis du dir éierlech verdingt hues.

Merci och op dëser Plaatz dem **Joëlle**, dat iwwert d'ganz Joer ons engagéiert Asätz am Intérêt vum rotaresche Gedanken mat enger toleranter Grondastellung begleet huet. Joëlle, et ass nach net ausgestan. De Nico gëtt nach gebraucht.

Merci och un dech, **Betty**. Ech hunn dech schon eng ganz Zäit op dat méi engagéiert rotarescht Liewen virbereet. Merci, datts du dat mat enger gewësser Geloossenheet an Opgeklärtheet akzeptéiers. Ons rotaresch Päpp an Amerika haten bestëmmt och Fraen ewéi dir; soss hätten si di fantastesch rotaresch Organisatioun bestëmmt net realiséiert kritt. Joëlle a Betty, dir wësst: "Et ass alles nëmme fir e gudden Zweck ".

Ech soen awer och (an d'Reihefolleg ass reng zoufälleg) dem Frënd **Hubert WAGNER** Merci. Ech hat d'Éier an de Pläséier ënnert him Sekretär ze sinn. Dat war eng Erausfuerderung, esou wuel fir den Hubert ewéi fir mech. Mee de Club huet et iwwerlieft; an ech ging behaapten, guer net esou schlecht. Last but not least war de finanziellen Bilan en absolute Succès. Merci Hubert. Du hues mech zu enger gewësser Rigeur an Methodik ermontert, di bestëmmt wichteg ass fir dësen Job. Du hues och d'Événementer anticipéiert an eng laangfristeg Ofstëmmeng an de Comité bruecht. Ech probéieren dat weiderzeféieren an dech weiderhin em Rot ze froen.

Merci mengem jonken an dynamesche Sekretär, dem **Gerry WAGNER**, dee bereet ass, an dëse bewegten Zäiten eise Sekretär ze maachen. Mir wärten zesummen probéieren d'Rapporten iwwersiichtlech, informativ an interessant ze gestalten an och eise neien Internet-Site entspriechend ze gebrauchen.

Pia, du hues héieren, wat ech virdrun iwwert de wichtege Rôle vun der Fra an onser Organisatioun gesot hunn.

Merci deem aktuelle **Comité** a Merci am Viraus deem neie Comité, deen di nächst 12 Méint d'Geschécker vun onsem Club an d'Hand hëllt.

Merci virun allem dem Frënd **Claude WILWERS**, deen ouni grouss Ophiewes onsen Trésor zesummenhält an dofir suergt, dass d'Finanzen iwwersiichtlech geréiert ginn an dass d'Suen regelméisseg erakommen. Wéi di aktuell Krise et däitlech mécht, ass eng gesond Finanzlage d'Grondviraussetzung fir eng fruchtbar Weiderentwécklung. Zesummen mam Claude, a no Approbatioun vum Comité, wärten mir Iech deemnächst e Budget prévisionnel virleeën. Dëst Joer wärte mir eng Partie Suen brauchen.

Merci de Präsidenten an de Memberen vun de verschiddenen **groupes de travail,** di deemnächst hier aktiv Aarbecht ophuelen. Eng éischt Aufgab wärt sinn fir statutengeméiss de Besuch vun onsem Gouverneur virzebereeden an di verschidden Aktiounen, di am Comité decidéiert ginn, an d'Hand ze huelen.

Merci dem Frënd **Marcel SCHRANTZ**, deen weiderhin fir d'Fonktioun als Chef du protocolle zur Verfügung bleift, an ons Woch fir Woch an ons Sëtzungen aféiert. Merci och un de **Philippe SCHRANTZ**, deen de Marcel ersetzt an deen sech bereet erklärt huet, onsen iwwernächste Präsident ze ginn.

Merci dem Frënd **Bob OLINGER**, deen no mir d'Präsidentschaft iwwerhëllt an mat deem ech mech, am Intérêt vun der Continuitéit, wärt regelméisseg ofstëmmen.

Ech ging am léiwsten **jiddem Eenzelnen** vun Iech Merci soen. Ech man dat op der heiter Platz kollektiv an wärt am Laf vun de nächsten Wochen mat villen vun Iech Kontakt ophuelen, fir datt de Programm, dee mir am Comité proposéieren, esou wäit ewéi méiglech op breeden Interessi stéisst. Waart awer wgl net dorop, datt ech Iech uschwätzen, mee kommt roueg op mech zou, ech wärt mir di néideg Zäit dofir huelen.

Ech well awer nach den **Dammen** vun all onsen Frënn Merci soen, well se ons an onsen rotareschen Iwwerzeegungen ënnerstëtzen an ons zu regelméissegen Präsenzen am Club ermonteren. Dir Dammen, Dir sidd jeweils wëllkomm op onsen sougenannten Ladiesnights, an mir wärten ons beméihen, fir e Programm ze gestalten, deen och Ären Interessien wärt entspriechen.

Vielen Dank für Ihren Besuch an unsere Freunde aus **Merzig-Saarlouis**. Wir werden weiterhin eine regelmäβige Kontaktpflege unterstützen und den Austausch von Erfahrungen, guten Ratschlägen und gemeinsamen Aktionen pflegen. Unser Freund Carlo HOFFMANN, Ehrenmitglied in Ihrem Club, steht als Gallionsfigur für den weiteren Ausbau unserer freundschaftlichen Beziehungen.

Merci, och stellvertriedend fir aner Frënn, di sech entspriechend asëtzen, dem **Carlo HOFFMANN**, deen duerch säin Asaatz ons Relatiounen mat verschiddene Clubs amis an Clubs Contact fördert an um Liewen hält. Carlo, du, an jidder Frënd, deen sech duerch deng Begeeschterung ustiechen léisst, kanns menger Ënnerstëtzung sécher sinn an ech bleiwen op fir deng Suggestiounen an där Richtung. Dat hëlleft och fir nei Ideeën an de Club ze bréngen an et relancéiert d'Dynamik an den Relatiounen.

Merci un **all rotaresch Frënn**, di duerch hier laang Erfahrung an hieren Enthusiasmus weiderhin d'Liewen vum Club mat gestalten an orientéieren.

Merci am Viraus deemjeenegen, deen de Lead iwerhëllt am Groupe de travail **Cinquantenaire**. Dat wärt eng vun de gréissten Erausfuerderungen vum Joer ginn. Den Enddatum läit schon fest; et ass an eppes manner ewéi engem Joer. De Wee bis dohin wärten an musse mir nach gemeinsam definéieren a gestalten.

Elo e puer Wuert zum **Programm** vum Joer. Ech wärt den Owend bei allgemengen Richtlinien bleiwen. Mir hate nach keng Reunioun mam neie Comité an ech well den Décisiounen vum Comité och net virgräifen. Virun Enn Juli komme mir op enger Réunion statutaire op verschidde Punkten zréck. Haut den Owend wëlle mir a Frëndschaft a Gemittlechkeet feieren. D'Iessen an d'Gedrénks waarden op ons an dofir probeieren ech mech kuerz ze faassen.

De Frënd Hubert huet et an onsem Club agefouert: D'**Kontinuitéit an der Evolutioun** oder eng ofgestëmmten Bestännegkeet iwwert d'Lafzäit vun e puer Präsidenten.

Dofir confirméieren ech gär, wat de Präsident Nico hei virun engem Joer gesot huet. Een Haaptmotto vu mengem Joer bleift d'**Camaraderie** an d'**Frëndschaft**. Dat ass richteg an wichteg. Do maache mir näischt falsch a mir si konform zu den Statuten. Och dat ass en net onwesentlechen Punkt.

Ons **Aktiounen**, international a national. De Rotary ass e Service Club. Et gëtt vill Méiglechkeeten, esouwuel am Land ewéi an der Welt, fir Guddes ze maachen. Mir wärten am Comité verschidden Jalons sëtzen an Iech zur Approbatioun ënnerbreeden.

Dofir musse mir awer **Fongen** sammelen. All gudd Iddi ass wëllkomm; wobäi een an der heideger, krisengeploter Zäit mat neien a kreativen Ideeën muss un di Saach erugoen. De Rotary ass e Club, dee nëmmen di Bescht zesummenbréngt. Mir hunn nach ëmmer Léisungen fonnt an mir wärten och di nächst 12 Méint onser Linn trei bleiwen.

Op dëser Platz well ech nach eng Kéier mäi Virgänger Nico citéieren, deen a senger Ried d'lescht Joer a Bezug op d'**Organisatioun vum Cinquantenaire** gesot huet : "René, mir loossen dech nët eleng (an hannert der Citatioun war e breede Smiley gemoolt). Zousätzlech seet de Nico, mee dat weess ech och selwer: "Wann ëmmers du vun engem eppes brauchs, dann brauchs du nëmmen ze froen an d'Saach geet an d'Reih".

An deem Sënn ging ech Iech elo weiderhin e **schéinen Owend** wënschen. Kultivéiert weiderhin d'Frëndschaft an d'Camaraderie.

Ech muss Iech drop opmierksam maachen, datt et haut den Owend keng Trennkost gëtt. Dat ass eng Ëmstellung fir ons, wann een all Dënschdeg dorun gewinnt ass. Mee e gudde Rotarier iwwerliewt och dat.

Dir Dammen, liebe Freunde, léif Inviteeën a Visiteurs, léif Frënn, do bleiwt mir just nach ze soen :

Vive de Rotary International,

Vive eise Club, de Rotary Esch-Uelzecht, an

Gudden Appetit.

René FRIEDERICI

Pavillon Galgenbierg, 30. Juni 2009